

# Auszich aus der Madame Marie-Josée Frank hirer Ried an der Chamber

Här Präsident,

Dir Dammen an dir Hären,

Wann et em d'Liewen an em dem Mënsch sai Schutz an séng Dignitéit geet, si mir als Verrieder vum ganze Vollek gefuerdert, esou ze legiferéieren, datt besonnesch di Schwaachst net benodelegt ginn. An zwar vum Liewesufank bis zum Liewesenn.

An enger pluralistischer Gesellschaft gëtt et ënnerschiddlëch Meenungen, déi ze respektéiere sin. Och méng Iwwerzeegung deelen ëmmer méi Leit am Land. Ech hun an de letzten Wochen an Deeg e formidablen Encouragement kritt. Merci fir Äer Bereetschaft, och dëse Point de vue ze lauschteren!

Ech schwätzen och aus menger professioneller Erfahrung. An der Infirmiërschoul hun ech geléiert, datt d'mënschlecht Liewen bei der Befruchtung ufänkt. Als Infirmière hun ech d'Dramatik vun der Ofdreiwung matt hiren ënnerschiddleche Facetten a Konsequenzen hautno matt erliewt. Esou eppes vergësst ee säi Liewen net.

Meng Motivatioun, mech och fir de Schutz vum ongebuere Mënsch anzesetzen, zéien ech aus menger chrëschtlicher an allgemeng ethescher Iwwerzeegung, datt d'mënschlecht Liewen onantastbar an net ze verhandelen ass.

Déi Fäll, wou dat Recht net applizéiert gët, kënnen an däerfen nëmme kloer Ausnahmsituatiounen sin.

De fundamentale Wäert vun der Gläichheet vun alle Mënschen ass e Pilier vun de Mënscherechterserklärungen ; en ass onzertrennlech mam « Droit à la vie » verbonnen, sou wéi d'international Conventioun vun de Kannerrechter et ausdrécklech ënnersträicht:

« L'enfant, en raison de son manque de maturité physique et intellectuelle, a besoin d'une protection spéciale et de soins spéciaux, notamment d'une protection juridique appropriée, **avant comme après** la naissance."

D'Gesetz vun 1978 seet a séngem éischten Artikel : « La loi garantit le respect de tout être humain dès le commencement de la vie ».

D'Objektiv vun 1978, nämlech datt soll manner ofgedriwwe ginn, ass trotz dem fräien Zougang vu verschiddene Verhiddungsmëttelen iwwerhaupt net erreecht ginn. De Bilan zu Lëtzebuerg vun de leschte 34 Joer ass erschreckend : déi letzt Schätzung gi vun 1 300-2 000 Ofdreiwunge pro Jar aus, dat ass een Drëttel vun all de Gebuerten. An et sin haaptsächlech Fraen am Alter tëscht 28 a 40 Jar.

## Mir kënnen eis dach net domatt offannen !

An de siwwenzéger Joeren ass et drëm gaang, di heemlech Ofdreiwungen aus der Welt ze schafen. D'Recht op Liewen sollt awer nëmmen ausnahmsweis bei Härtefall ausser Kraaft gesat ginn.

Ech zitieren aus der Chambersetzung vum 24. Oktober 1978:

„Déi 3 Indicatiounen sin:

1. d'medezinesch oder therapeutesch Indicatioun, d.h. wann d'Liewe vun der Frau a Gefor ass;
2. d'eugenesch Indicatioun, wa gefaart gët, dass d'Kand, wat erwaard gët, geeschteg oder kierperlech handicapéiert ass;
3. déi kriminell Indicatioun, wann eng Vergewaltigung virläit."

Ech stelle fest, dass an de leschte Jorzéngte (34 Jar) souwiso keng Fraen oder Dokteren wéinst illegaler Ofdreiwung viru Geriicht stoungen.

Datt beim Avortement objektiv e mënschlecht Liewen zerstéiert gëtt, gëtt einfach ënnert den Dësch gekiirt. Ech hu Problemer ze akzeptéieren, dass d'Selbstbestëmmung vun der Fra dat héchste Gudd ass. Dacks genuch kënnt et vir, dass eng Fra keen aneren Auswee gesäit, well se iwwerall ze héiere kritt, dass den Avortement hiirt gudd Recht ass. Dat ass genau dat wat ech ënner « Banalisatioun » verstinn.

Här Präsident,

Dir Dammen an Dir Hären,

Do wou dem engem séng Fraiheet ufänkt do hält dem aneren séng op. Wou gët dann dem Kand sengem Liewe Rechnung gedroen? Vu wéini un zielt säi Liewen? Dat Liewen, dat an den éischten Wochen eruwisst entwéckelt sech zum Kand. Ouni déi éischt Wochen Entwécklung gët et kee Kand. An dach gët sech d'Recht zougemoosst, dës Entwécklung ze ënnerbriechen. Hei stellt sech radikal d'Fro, déi net grondsätzlech beschwat gin ass, obschonn den éischten Artikel vum Gesetz vun 1978 eng kloer Äntwert gëtt.

An dann: wou steet de **Papp**, mat sénger Verantwortung a sénger Rechter, an deem Gesetz ? Fannt Dir et normal, dass heen net matschwätze kann wann et em säi Kand geet ? Sécherlech ass et och ëmgekiert dacks de Fall, dass de Mann Drock op d'Fra mécht a se zwéngt zum Avortement. Wat gëtt gemaach, fir dann d'Fra ze schützen?

An elo kommen ech zu de **Mineuren**.

Ech fannen et e Skandal, dass d'Autorité parentale bei sou enger wichteger Fro keng Roll méi soll spillen. Bei Klenggekeeten, wéi zum Beispill Photoen am Schoulbuet ze publizéieren, mussen d'Elteren hiren Accord ginn.

E mannerjähregt Meedchen awer brauch an Zukunft séng Elteren net an d'Bild ze setzen wann et wëllt ofdreiw. Egal wéi al a wéi räif et ass, geet et duer, wann hatt selwer iergendeng erwuesse « personne de confiance » auswielt, déi mat ënnerschreift. Ass dat verantwortungsvoll ? Ass dat net den Elteren d'Verantwortung an d'Erzéiung aus der Hand geholl?

Gët d'Kand domat net - vum Staat - initiéiert, eng zoustänneg Autoritéit einfach ze ëmgoen? Ech woen net d'Konsequenzen auszemolen, wann dës „Lernprozess“ sech op aner Gebidder nidderschléit.

An hei eng Fro un de Minister. Wat ass zum Beispill wa Komplikatiounen optrieden an dann d'Elteren et awer gewuer ginn a viru Geriicht kloen ?

**D'Flichtberodung** ass vu Sëtzung zu Sëtzung vun der Justizkommissioun ëmmer méi zu engem schappegen Alibi verkomm, just nach gudd, fir de Mannerjähregen en Tuyau ze ginn, wéi se séch

sollen uleeën a wéi se hir « personne de confiance » auswielen. An nawell sin ech der Iwwerzeegung, datt eng gudd Berodung sech net aleng un Inhalter moosst, ma och un der Qualitéit vun der Relatioun. Demno wéi d'Consultatioun verleeft, kann se fir esou munech Fra eng reell Chance sin, fir hir Entscheedung en âme et conscience nach eng Kéier ze iwwerdenken. Wann d'Fra awer réischt den Dag selwer vum Avortement do passéiert, bleiwt do nach Bedenkzäit?? Et kritt kee mech iwwerzeegt, datt dësen Ament vu Besënnung , d'Fräiheet an Dignitéit vun der Fra a Fro stellt.

Mir sinn eis hei bannen eens, datt **d'Sexualerzéiung an d'Preventioun** net efficace sin. D'Artikelen 2 bis 5 vum Gesetz vun 1978 hun net déi Friichte gedro, déi de Législateur sech erhofft haat. Dofir muss an Zukunft bei dëser Erzéiung, souwuel an der Famill wéi an der Schoul, dofir gesuergt ginn, datt d'Sexualitéit gläichzäiteg beinhalt: eng gesond Relatioun, de Respekt virun deem anere Mënsch a sech selwer, an e verantwortungsvollt Ëmgoe mat de Konsequenze vu sengen Handlung fir sech an déi aner. Et ass bedauerlech, datt bei villen d' Verhiddung net seriö geholl gëtt an haut liichtfankeg op d'Pilule du lendemain an/oder d'Ofdreiwungspëll zrëckgegraff gëtt , ebe just well d'Gesetz an den dominanten Discours d'Ofdreiwung als eng akzeptabel Alternativ duerstellen, als e banalen Agrëff, dee wieder keng Bedeitung huet !

Et fehlt un enger **cohärenter** Opklärungspolitik, an duefir:

1. D'Netzwerk vun der jetzeger Berodung muss hannerfrot gin an d'Concept vun der Sexualberodung muss verbessert gin an net eesäiteg ausgericht sin.

2. Mir brauchen eng plateforme de coordination, esou wéi et och am Palliativberäich gefuerdert gët.

3. Et mussen Qualitätsstandard definéiert gin.

4. Eng Evaluatioun ass onëmginglech.

5. Déi psychosozial Berodung muss genuch finanziell Moyenen zur Verfügung gestallt kréien.

Duefir bleift an der Familljen- an an der Sozialpolitik vill ze maachen, wann een eng Kultur vum Liewe wëllt encouragéieren.

Här Präsident,

Dir Dammen an Dir Hären,

et gëtt zwar de Wonsch geäussert, datt an Zukunft manner ofgedriwwe soll ginn. Mä mam beschte Wëlle kann ech net erkennen, wéi dat virleied Gesetz mat dëser weiderer Liberaliséierung a Banaliséierung dat bewierke soll. Sou wéi mer elo amgang sinn, steiere mer op en allgemengt Recht op Ofdreiwung zou, « ohne wenn und aber ». Et as eng Dynamik entstan, wou ech Angscht hunn, datt an Zukunft och nach d'"Objection de conscience" vum Dokter verschwënnt.

D'Avortement ka fir mech ni als Moyen fir Gebuerteregelung an eng modern Familljepolitik acceptéiert an zu engem allgemenge Recht gin.

Dëse Projet ass fir méch eng Riisenenttäuschung. Well dëse Projet fir mech eng Gewëssensfro ass, kann ech him meng Zoustëmmung net gin.

Merci fir Äer Opmierksamkeet.

